Voeux de Nouvel an, 12 janvier 2004, 16.00 heures,
Salle Robert Krieps, Centre culturel de Rencontre,
Abbaye de Neumünster,
Allocution de Guy Dockendorf

Madame Minister,
Dir Dammen an Hären Direkteren,
Dir Dammen an Hären,
Léiw Aarbéchtskolleginnen a -kollegen

I.

Nodeem de Staatsminister an den Aarbéchts-a Medieminister hir Neijooschreceptioun an eisem Musée um Fëschmaart gehalen hunn, huet et eis normal geschéngt - an Dir, Madame Minister, Dir hat et d'lescht Joër schon ugekënnegt! - fir eis Receptioun hei an Neimünster ze feieren, well op den Dag haut dëse Sall fäerdeg gëtt:

Mir stinn, pardon: dir sëtzt haut am fréieren *Tutesall* vun dem neie «Centre culturel de Rencontre Abtei Neimünster». De fantastesche Sall, dee mer haut, souzesoën, en primeur zu 90% aweien, huet d'Regirung, op Är Propositioun hinn, ëmgedeeft, an him 1996 den Numm «Bâtiment Robert Krieps» ginn. Dir wollt doduercher nët nëmmen de fréiere grousse Politiker Robert Krieps éieren, deen iwwregens wéi 5.000 aner Lëtzebuerger, während dem 2. Weltkrich als Resistenzler hei asuz, ma dodriwwer eraus hutt Der wëlle weisen, wéi wichteg seng Roll nët nëmmen als Justiz an Edukatiounsminister, mee besonnesch als Kulturminister war.

Dat selwecht gëllt fir dat fréiert Militärspidol, am Volleksmond, «Criminel» genannt. Dat Gebai dréit den Numm vum grousse Lëtzebuerger Pionnéier vun eiser Sprooch, dem Professer Robert Bruch. Dat Gebai hu mer de leschten 13. Oktober schon ageweit, wéi mer d'Ouverture vum «Institut Pierre Werner» gefeiert hunn.

Dir wësst, Madame Minister, datt mir perséinlech de Projet vun der Abtei Neimünster immens um Häerz läit, aus villen Uursaachen: nët dee mannsten ass well et fir mech ee vun de wichtegsten Kulturprojetën vun eisem Land ass! Hei bréngt Lëtzebuerg et fäerdeg aus enger Plaz, déi Symbol war vun Agespaartsinn, vun Haass a Suergen, eng oppe Plaz ze maachen, e Forum wou Leit aus alle Schichten, ouni Ennerscheed vu Relioun, politescher Iwwerzegung, Nationalitéit sech kënne begéinen, an un enger besserer Welt schaffen.

Et ass Äre Mérite Madame Minister, a besonnesch och duurch déi fir eis glécklech Kombinatioun vu Kultur a Baute-ministesch, datt Dir derfir gesuergt hutt, datt dëse Projet, esou wi e vun der Chamber gestëmmt gi war, duurchgezu ginn ass an endlech elo fäerdeg gëtt.

Merci wollt ech dofir op dëser Plaz allen dene soën, déi un de Projet Neimünster gegleewt hunn, och dunn nach wéi probéiert ginn ass aus dem Ensembel e Luxus-Hôtel ze maachen a kee Centre culturel de

Rencontre! Di Iddi vu Centre culturel de Rencontre, déi a Frankräich an anere Länner hir Prouw gemaach huet, war hei zu Lëtzebuerg esou revolutionär, datt vill Leit sech näischt konnten drënner virstellen. Et huet vill Iwwerzee-gungskraaft, vill Diskutéieren an Oofweie gebraucht, bis d'Iddi endlech acceptéiert war: an do och, Madame Minister hutt Dir e grousse Verdingscht.

Merci wollt ech och soën hei der Equipe vun Neimünster, dem Verwaltungsrot mat hirem Präsident, dem Guy de Muyser a senge Memberen, ma awer och dem Claude Frisoni, als artisteschen Direkter an dem Raymond Horper als administrativen Direkter an all hire Mataarbéchter: si sinn am gaang, an enger virbildlecher Zesummenaarbecht mat dem Architekt Jean Ewert an der Administration des Bâtiments publics alles lues a lues an de Grëff ze kréien, fir datt Neimünster – endlech! – den 28. Mee dëst Joër opgeet a fäerdeg gëtt...

Ma fäerdeg gëtt Neimünster ni! Gottseidank! Well Neimünster muss weiderhinn en oppene Projet bleiwen, deen sech entwéckelt a dee, symbolhaft fir eis ganz Kulturpolitik, bereet ass op di aner ze lauschteren, am Dingscht vun de Kulturschaffenden a vun de Leit alleguer.

Den Etablissement public Neimünster an den Institut Pierre Werner invitéieren, nom Patt deen Dir Madame no de Rieden an de Säll beim iwwerdeckten Bannenhaff offréiert, op en éischte Spektakel am renovéierten Tutesall, an zwar um 6 Auer. Dir sitt all häerzech invitéiert op: *« Eclats de voix – Schiff der Träume»*

II.

Ma virdéischt maachen ech e bësse Bilan vun deem wat am Enseignement supérieur, an der Recherche an an der Kultur 2003 esou geschafft gouw. An et ass, menger wärrecht esou muneches ze beriichten! Wonnert Iech also nët wann och dëst Joër de Rapport d'activité nees eng Kéier e Wälzer gëtt! D'lescht Joër war en esou déck ginn, dat mer carrément hu missen 2 Bänn erausginn An déi gouwwen all gelies!

(1) Madame Minister, d'Joër 2003 war a villen Hisiichten **Äert Joër**, well Dir hutt mat vill Energie, Kompetenz an Enthusiassem e Projet duurchgeboxt, dee fir eist Land a seng geeschteg Entwécklung liewenswichteg ass. An enger riiseger Fläissaarbecht mat Äre Beamten, de concernéierten Instituter a Professeren, dem Regirungsrot, der Chamber an de forces vives de la nation ass e Gesetz gestëmmt ginn, dat d'Basis leet vun der **UNI Lëtzebuerg**, enger lieweger Universitéit, wou d'Fuerschung an di international Dimensioun hir richteg Plaz fannen.

Geschwënn wäerten all déi, di géint eng Uni zu Lëtzebuerg waren, d'accord sinn, a mat eis soën, datt et de richtege Schrack zur richteger Zäit war. Mir sinn am gaang an Europa eis opzemaachen fir

di aner, sou datt d'Wëssen, d'Kultur, d'Forschung vun den ost-europäesche Länner kann an äis Zivilisatioun mat afléissen, an ëmgedréint. Eis Egestännegkeet als Lëtzebuerger gëtt doduurch nët a Fro gestallt, ma eis Identitéit gewënnt u Räichtum! Fir dat sozialt a kulturellt Liewen bréngt deen neie Geescht, deen auslännesch Studenten a Professeren op Lëtzebuerg bréngen, sécher e Gewënn a gläichzäiteg och eng Erausfuerderung.

Eng dovunner ass déi vun de Studente-wunnengen, ma och do gin nei Weeër beschratt an och do wäerte Léisunge kënne proposéiert ginn.

Eise Lëtzebuerger Studenten, zu Lëtzebuerg an am Ausland, ass d'Entwécklung vum CEDIES an hirem neien Internet Site eng wichteg Hëllef, déi hinnen esou munech Klëppelen aus dem Wee hëllt.

Niewent dem Gesetz iwwer d'Uni, ass och d'lescht Joër e neit Gesetz gestëmmt ginn fir d'Homologatiounen conformes mat eiser Verfassung ze bréngen.

(2) D'Fuerschung hei zu Lëtzebuerg, Madame Minister, huet ënnert Ärer Regie finanziell bis elo ongeahnte Méiglechkeete kritt: bei eis am Haus, sinn an denen 2 leschte Joëren ganz besonnesch d'Budgetsë vum Enseignement supérieur a vun der Recherche sensibel geklommen.

Bei engem Gesamtbudget vum Stat fir 2004 vun ca. 6,476 Milliarden Euro (dat sin ca. 261 Milliarden eiser aler Frangen), steet eist Haus mat 175 Milliounen Euro, dat sinn 7 Milliarden eiser aler Frangen. Dat ass 2,7 % vum gesamte Budget vum Stat, fir den Enseignement supérieur, d'Fuerschung an d'Kultur. Derbäi muss ee soën, datt dat nët di beträchtlech Zommen beinhalt, déi bei de Bâtiments publics stinn, fir d'Erriichten an den Ënnerhalt vun eisen Infrastrukturen.

De Budget vun der Fuerschung as amgaang sech u säin Objektiv vun 0,3% vum PIB erunzetaaschten, sou wéi et an der Regirungserklärung vun 1999 steet.

Madame Minister, 2003 konnt Dir, a Präsens vum Grand-Duc Henri, di éischt Fuerschungs-resultater vum Fonds National de la Recherche presentéieren. Dir hutt an deem Kader och 2 nei Fuerschungsprogrammer kënne lancéieren, een, am Domaine vun der Sécherheet bei Liewesmëttel an en aneren, wat d'Behandlung vun den Iwwerflächen ugeet.

Beim Appel à projets vum 6. europäesche Kaderprogramm konnten eng Rei Lëtzebuerger Projeeën gutt Resultater bréngen. Dir hutt et och fäerdeg bruecht, datt mer geschwënn kënne Member bei der ESA, der Europäescher Space Agency ginn.

De Science-Festival, deen d'Recherche, zesumme mam Naturmusée an anere Partner organiséiert huet hat dee verdingten Erfollech: méi wi 25.000 Leit hu vum 7. - 13. November matgemaach!

De 17. Juni gouw dat neit Gebai vum CRP-Henri Tudor ageweit an den 19. Dezember gouw d'Gesetz gestëmmt fir de Bau vum Gebai CRP-Gabriel Lippmann.

(3) Bei de Kulturinstituter ass folgendes festzehalen fir 2003:

Zum Gesetzprojet, deen d'Missiounen an den Effektiv vun eise Kulturinstituter nei regelt ass villes ze soën: 2003 war d'Joër, wou de Projet duurch de Regirungsconseil gaang ass a wou mer elo drop waarden, datt en an d'Chambercommissioun kënnt.

Hei sinn elo, all Kéier fir eis Kulturinstituter, eng Rei "Highlights" vun 2003:

3.1 ANLUX:
- concours international d'architectes pour le nouveau bâtiment à Esch/Belval: projet de Paul Bretz
- nomination de la nouvelle directrice

3.2 BNL:
- concours international d'architectes pour le nouveau bâtiment au Kirchberg: cabinet Bolles&Wilson:
- développement des outils de gestion électroniques de la BNL et intégration d'environ 4000 bases de données et e-journals dans les fonds de la BNL (cf. benchmarking au niveau européen où la BNL est à la 1e place!)
- Exposition «Le Grand Ouvrage – Découverte de l'Egypte – la bibliothèque grand-ducale en visite à la Bibliothèque nationale» + catalogue: grand succès populaire

3.3 CASINO:
- Exposition Sylvie Blocher avec une retombée médiatique internationale
- La Nuit des Musées avec plus de 9.000 visiteurs

3.4 CNA:
- Début des travaux pour le nouveau bâtiment CNA (après 12 ans de préparations)
- Lancement définitif de tous nos e- projets:
  - digitalisation de tous nos documents audiovisuels (film. vidéo, son, photo)
  - nouveau site: www.cna.public.lu
  - nouvelle banque de données: Sygaal+
- Reconnaissance en juillet par l'UNESCO: l'expo "The Family of Man" d'Edward Steichen a été mise sur la liste de la Mémoire du Monde.

3.5 CNL:
- tout "Renert" lu par Steve Karier et enregistré sur CD; l'exposition sur Michel Rodange
- «Ad alta voce – littérature et musique au féminin. Séance de lecture avec José Ensch, Anise Koltz, Liliane Welch, Danielle Hoffelt, Josiane Kartheiser, Maryse Krier, Anne Schmit, Margret

Steckel, Claudine Muno. Création de la pièce «Poèmes Os pour cor, piano et voix d'enfant d'Albena Petrovic-Vratchanska)
- "Struwwelpippi kommt zur Springprozession" – Kinderbuchautorenresidenz mit Regula Venske (4 semaines à Echternach)

3.6 MNHA: Expos
- "Hybrides" parce qu'elle mettait en évidence les intéressantes relations Est-Ouest et en particulier la "cross-fertilization" dans le domaine des arts décoratifs
- "De Manessier à Wim Delvoye" parce qu'elle montrait pour la première fois l'ampleur et la diversité de la collection d'art moderne réunie par la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte
- "La rétrospective Michel Stoffel" qui commémorait le 100e anniversaire d'un peintre luxembourgeois encore trop peu connu et qu'on peut qualifier de premier peintre abstrait luxembourgeois

3.7 MNHN
- En date du 22 mars le groupe des collaborateurs scientifiques du Mnhn s'est réuni à Mondorf pour la 20e fois. Le corps des collaborateurs regroupe environ 190 personnes menant des recherches dans les domaines scientifiques du Mnhn.
- L'exposition "Très toucher" (7.2. au 9.6) a rencontré un succès considérable auprès du public (25.500 visiteurs dont 8500écoliers).
- Le Science festival 2003 (organisé par le Mnhn avec la collaboration de nombreux partenaires et le support financier du FNR) s'est soldé par un total de 25.000 participants.

3.8 SSMN: on peut signaler
- le bon avancement des travaux du Musée de la Forteresse, des travaux de St. Pétersbourg et de Sibiu (maison du Luxembourg à la Piata Mica),
- la nomination de la nouvelle directrice pour le 1er mai 2004

III.

Ech däerf nët vergiessen:

- dee spektakulären Goldene Léiw dee Lëtzebuerg dëst Joër, an zwar bei der 50. Biennale vu Venedig kritt huet. D'Künstlerin Tsu Mei Tse, déi hei gebuer an opgewuess ass, huet mat hirer Konscht an hirem Charme den Numm vu Lëtzebuerg weltweit gedroën:

- dorun nët onschëlleg war d'Madame Marie-Claude Beaud, d'Lëtzebuerger Commissaire, déi Dir genannt hat, fir e würdegen Artist ze sichen: et hätt ee keng besser Presentatioun vun der Wichtegkeet vum Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean kënne fannen. Et war och eng Unerkennung fir di wäertvoll Opbauaarbecht déi de MUDAM hei zu Lëtzebuerg mecht, en attendant datt de Pei Musée opgeet;

- de Festungsmusée, dee virun allem d'Liewe vun de Leit ënnert dene verschiddene Besatzungen erziele soll, gëtt, mat e bësse Chance dëst Joër fäerdeg!

- di rasant Entwécklung vun eisem Nationalorchester, dem OPL, deen ënnert sengem Chef, Bramwell Tovey, eng 1. grouss Auslandstournée an Asien gemaach huet an iwwerall, wiirklech iwwerall

di allerbeschte Kritike kritt! Elo gëtt eng Tournée fir Oktober 2004 an Amerika geplangt;

- dat nach méi rasant Wuessen vun der Philharmonie! Och do geet d'Prefiguratioun gutt virun! D'Ouverture ass festgesat op de 26. Juni 2005, mä, wi seet de Pesche Fern, mer wëssen nach nët op um 8 Auer oder um halwer ning!
- en anert wichteg Gebai ass och dëst Joër ugefaang ginn: de Centre de Musiques amplifiées, kuurz Rockhal genannt. Och do hu mer eng date d'ouverture: 21 Juni 2005, pünktlech fir d'Fête européenne de la musique!

An dann hu mer 2003 vill un engem Gebai geschafft, wat eréischt 2007 soll fäerdeg ginn, a wat dann awer aus dem Begrëff "Groussregioun" eng lieweg Realitéit mécht! Mir si frou e coordinateur général fonnt ze hunn, deen dat néidegt Wëssen, de néidege Gescheck a Fläiss mat bréngt fir datt mer all, zu Lëtzebuerg, an der Grouss-Regioun an am Rescht vun Europa Freed kréien mat der europäescher Kulturhaaptstad. An datt dat Haus «Groussregioun» en heemlecht Haus gëtt wou et sech gutt liewen deet, a wou een deen aner kennt!

IV.

D'Gesetz vun 1999 iwwer de Statut vum **professionnelle, fräiberuffleche Künstler a vum intermittent du spectacle ass sécher e Meilesteen fir d'Lëtzebuerger Kulturszen.** Esou wi et beim Vote vum Gesetz oofgemaach gi war, ass 2 Joër no sengem Antrieden, eng Evaluatioun, zesumme mat de concernéierte Kreesser gemaach ginn. Dës Evaluatioun schléit sech nidder an engem projet de loi vun der Regirung, deen, wann en den Avis vum Staatsrot huet, nach an dëser Legislatiounsperiod ka vun der Chamber oofgeseent ginn. An eisem Rapport d'activités vun 2003 wäerte mer, wi ëmmer, och statistesch Zuele liwweren, fir ze weisen wéivill Leit vun deem Gesetz profitéiere kënnen.

Hei sinn e puer Zuelen, déi iwwer 4 Joër ginn, also zanter 2000 wou d'Gesetz voll agesat huet bis Enn 2003. An deem Zäitraum si vun der Commissioun 261 Dossiere studéiert ginn. Dovunn hunn:

- 41 de Statut kritt fir "artiste professionnel indépendant"
- 48 hu chômage kritt (als intermittents du spectacle)
- 105 hunn eng Bourse kritt

Vun denen 261 Demanden sinn der 60 refuséiert ginn, 7 sin nach am Suspens.

Ech mengen, datt niewent dem volet vu sozialem Netz wat dat Gesetz bruecht huet, et och eng wichteg Unerkennung ass fir di eenzel Künstler, fir hir Aarbécht an hiirt Schaffen. Och de fait, datt wann dem Staatsrot säin Avis do ass, duurch e règlement grand-ducal, 1,5% vum Budget vun engem öffentleche Gebei (Staat, Gemengen, établissements publics) geholl gëtt fir den Künstler Opdreeg ze ginn mat denen dann kënnen am öffentleche Raum Konschtwierker "à la carte" geschaf ginn, ass eng wichteg Errungenschaft.

V.

Um Enn vu menger Ried, - ma mer sinn trotz der Längt nach ëmmer largement am Ufank vum Joër! - wëll ech Iech Madame Minister, am Numm vun eis alleguer, e glécklecht, zefriddent an erfollechräicht neit Joër wënschen.

Wann ech soën "eis alleguer", da mengen ech domatt

- all di Leit déi haut hei versammelt sinn, dat sinn eis Kulturinstituter, ma awer och all di kulturell Institutiounen an Etablissementer, déi am Sënn vun der Subsidiaritéit, och vill fir d'Kultur maachen, an och
- all di Kulturschaffend, Künstler, Konscht-intresséiert hei am Land
- an ech mengen all di Leit, déi einfach impressionnéiert sinn vun där Aarbecht, déi Dir an dene leschte Joëre geleescht hutt.

Ech sinn iwwerzeegt, datt Dir Madame Minister, an Äeren 2 Mandater als Kulturministesch, et fäerdeg bruecht huet virdéischt grad d'Leit vun der Kulturszen ze iwwerzegen, an duerno awer och nach ganz vill anerer: Äer vill couragéiert Interventiounen vun dene leschte Joëren wou Der iech staark gemaach hutt fir d'Kultur, a fir déi, déi se droën, hu ganz ville Leit Courage gemaach an hinnen d'Kraaft an oft och di materiell Méiglechkeete ginn, fir hir Aarbécht fräi an onoofhängeg auszeüben.

An esou paradoxal et ka klengen, heiansdo huet Äer Nët-Interventioun nach méi zivilen a politesche Courage erfuerdert! Datt Dir alle Leit zu Lëtzebuerg esou vill gesonde Mënscheverstand zoutraut, datt si sech selwer eng Menung maachen, iwwer dat wat richteg oder falsch ass, iwwer dat wat schéin oder ellen ass, iwwer dat wat éierlecht Sichen no engem Sënn oder nëmme Provokatioun ass, datt Dir do ni e Machtwuert schwätzt, ma d'Leit fräi loosst, dat beweist, datt Dir eng Fra sitt,

- déi eisern mat sech selwer ass fir de Mënschen hir Fräiheet ze loossen,
- déi mat ganz vill Sensibilitéit un d'Problemer erugeet an en offent Ouer fir jiddereen huet.

Och dat éiert Iech, an all déi di Chance hu mat Iech ze schaffen wëssen dat ze schätzen.

A fir datt dat esou weidergeet, och nom 13. Juni, wollt ech Iech als Zeeche vu Continuitéit, en neie Kalenner iwwerreechen, esou e **Kalenner** wou ee fir all Dag e Supersproch fënnt.

Wat war scho méi de Sproch vun haut, 12. Januar?

A jo: "Glück ist das richtige Gleichgewicht zwischen Zufriedenheit und Unzufriedenheit".

Madame Minister, mir wënschen Iech dat dote Gléck, an datt mer eis spéitstens an engem Joër bei esou enger Geleeënheet wi di heiten erëmgesinn!

Ech soë Merci fir d'Nolauschteren.